N°1364
Entrée le 15.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Oktober 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Familljeminister weiderzeleeden.

Den „Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille" besteet laut Gesetz vum 16. Dezember 2008 „relative à l'aide à l'enfance et à la famille" aus 16 Memberen, déi vun der Regierung fir eng Mandatsdauer vu 5 Joer (erneierbar) ernannt ginn. D'Lëscht vun dëse 16 Memberen ass awer net ëffentlech zougänglech, oder gëtt op d'mannst net routineméisseg publizéiert. Eis ass an deem Kontext zu Ouere komm, datt verschidde Leit vergeblech Demarchë beim „Office national de l'enfance" ënnerholl hunn, fir un d'Nimm vun dëse 16 Memberen ze kommen.

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister d'Nimm vun de 16 Membere vum „Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille" matdeelen ?
2) Wann nee: Aus wéi enge Grënn ass d'Lëscht mat de 16 Membere vun dësem Gremium net ëffentlech zougänglech?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1364 vum honorabelen Deputéierte Dan Hardy**

D'Zesummesetzung vum Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille ass ëffentlech zougänglech a gëtt um Site vum Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg publizéiert. Déi aktuellst Zesummesetzung ass ënnert follgendem Link zougänglech:

https://legilux.public.lu/eli/etat/adm/amin/2024/11/07/b4451/jo

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH